Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Cédric MALEK | 1, an der Triecht L-9837 Neidhausen | Tél: / GSM: 691 826 226 | info@lgs-houhou.lu

Näidsen, den 06. September 2018

Stolzebuerger Planzebourse

[15. & 16. September 2018]

Wéi all Joer si mir och dëst Joer nees zu Stolzebuerg op der Planzebourse aktiv.
Eisen Job ass et, d'Planzen, Blummen, asw. déi d'Leit kaaft hunn, mat der Schubkar an déi sou genannte Planzecrèche ze féieren. Esou brauchen d'Leit hier kafte Wuer net iwwert de ganze Maart ze schleefen, a wann Si Heem wëlle fueren, brauchen Si just nach bei d'Planzecrèche ze goen, wou Si dann hier Wuer beieneen erëm fannen.

Rendez-vous ass Samschdes a Sonndes jeeweils um 09h30 um Stolzebuerger Schlass an dat ganzt geet bis 17h00.

Opgepasst: Sonndes um 17h00 gi nach Leit gebraucht fir hëllefen ofzeriichten

Du muss net de ganzen Dag dobäi sinn, du kanns awer wanns de wëlls.
Du duerfs och soen ech kommen um … Auer hëllefen a bleiwe bis … Auer.

Wéi all Joer si mir och frou wann dir **selwer gekachte Gebeess**, a **selwer gebakene Kuch** matbréngt, wat mir verkafe fir eis Keess bëssi opzefëllen.

So eis Bescheed wéini dass du hëllefe kënns,
mer freeën eis dech no där laanger Summerpaus erëm ze gesinn!

Umellen oder Ofmellen
per E-Mail: info@lgs-houhou.lu
per Tél./SMS: beim Cédric (691 826 226)

Mat beschte Guiden a Scoutsgréiss

Deng Chefekipp

www.lgs-houhou.lu